

Andréck aus dem Burkina Faso vum Kätty Kaes

No dräi Jar war et am August endlich rem suwäit an ech sinn rëm an den Burkina geflunn. Mat ganz vill Freed ass et rem dorower gangen an des Kéier mam Lena an mam Dan. Doënnen ukommen um Site vun dem neien Centre war ech den ischten



Moment sou fasziniert, datt ech keng Wieder fonnt hun. Endlich ass et suwait, den Centre Noomdo ass färdig gebaut, an am September kann et su richtig lassgoen. Eng Iwwerraschung ass et dunn och nach ginn, an zwar waren schons eng Partie Kanner am Centre déi sich op

Examen virbereed hun. Sou hun mir den Alldag schons zum Deel matkritt. Eis léiw Tantien hun richtig gestrahlt wou mir op d'Plaz kommen sinn an ech hun mech einfach immens gefreet si rem all konnten zrëck ze gesinn an ze wëssen dat mir ganz vill flott Deeg zesummen verbréngen wärten. Den ischten Daag hun mir mol den ganzen Site



entdeckt, mir sinn aus dem Staunen nit méi rauskommen, et ass



Elektrisch do, wat alles iwver Solarenergie funktionéiert an sou kënnt et sugudd wi nit méi vir, datt den Stroum ausfällt, et sinn suguer Steckdousen an den Zëmmeren. Jo an all Daag kann een suguer vun enger Dusch profitéieren, well bis lo nach emmer Waasser um Krunn war, well eng eegen Waasserstatioun gebaut ginn ass um Site. Haptsaach ech hun nach virun eiser Rees dem Dan an dem Lena gesoot datt si nach zu Lëtzebuerg an Dusch sollen goen,

well ech nit wisst ob doënnen nit vlait rem Waasser giff ausfalen an och Handyoplöder sollen si mol aus den Gedanken strachen© Suguer

d’Krunnewaasser um Site kënnen mir drénken, wat normalerweis doënnen nit den Fall ass. All di Deeg wu mir rem am Burkina waren, hun mir vill erlewt, sou hun mir mat den Kanner Futtball gespilt, den Stock ageraumt, mat den Tantieng eng kleng Formatioun gemaach wéi een mat natierlichen Produkter wéi Zitroun



an Esseg kann botzen. Tantieng sinn aus dem Staunen nit méi rauskommen wu si gesinn hun datt een mat bëssen Essig en Inoxlavabo su blénkig kritt. Mir hun dann nach een Volleyballsterrain gebaut, wou mir als ischt mol hun missten Kraut rappen fir datt iwwerhapt Plaaz do war fir ze spillen an aus der Staat Koudougou hun mir eis dunn hëlzen Pill organiséiert wou mir konnten Netz drun

festmaachen.

Een vun den letzten Deeg hun mir eng Versammlung mat all eisen Matarbischter déi am Burkina schaffen organiséiert, wat een vun deenen emotionalsten Momenter war. Et ass einfach impressionnant ze gesinn wivill Lett doënnen fir den Soleil soueng gudd



Arbischt leeschten, wéivill si sich engagéieren an wéi si mat Begeesterung hir Arbischt maachen. Mat schwéirem Härzen hun mir no enger Woch missten Äddi



soen fir rem op Lëtzebuerg ze fléien, well do eis Arbischt rem op eis gewart hôt an alleguer hun si doënnen gefrot wini mir geschwenn rem giffen dorower kommen. Mat der Hoffnung, datt et am Februar 2017 ass, hun mir eis dunn rrem a Richtung Lëtzebuerg gemaach.

